

KINO

Foyer = Doheem?

Eng Skizz éischer wéi en
détailléierte Bilan iwwert
d'Opfänkstrukturen fir
Jugendlecher ass dem
Christophe Wagner säin
Dokumentär "Doheem".

"Heiansdo denken ech, si musse mech iergendwou fonnt hunn", seet de Steve, "vläicht zu Detroit." Wann den 18-Jähregen, dee schonn eng laang Heimkarriär hannert sech huet, sech eng Famill kinnt eraussichen, da wäer e gäer e Brudder vum Eminem. Säin Zëmmer am Foyer zu Betten-duerf hänkt voller Pousteren vum amerikanesche Rapper. "Dat sinn hir männlech Virbiler", stellt den Erzéier e bësse resignéiert fest. De Steve huet déi selwecht gebleechten Hoer an dee selwechte Bandana ënnert der Baseballskap.

D'Manéier, wéi de Regisseur Christophe Wagner an "Doheem" deene Jonken hir Kandheitsfilmer asetzt, erënnert tatsächlech e bessen un dem Marshall Mathers säi leschte Clip "Mockingbird". Mee do wou den Eminem d'Selbstmatleed clever vermaart, brengt de Christophe Wagner et tatsächlech fäerdeg, autentesch Stécker Liewen ze weisen, ouni se zevill z'inszenéieren.

"Doheem" ass keen Dokumentarfilm am Sënn vun enger Serie wéi "37"" zum Beispill. En erklärt näischt, bedreiw keng Ursaachefuerschung - a wann dann nëmme ganz virsiichteg,

Wann de Steve al Familljefilmer kuckt, dann erënnert hie sech un déi Zäit, wou nach alles an der Rei war. Sāi Papp hat opgehale mat Drénken wou de Steve op d'Welt kouw. "Hie wollt ëmmer e Bouf hunn." Bis iergend eng Kéier d'Sucht hien awer erëm ageholl huet. Vill Froen bleiwen op. Ass de Jong dowéinst ofgerutscht - fir d'éischt zu Dräibuer an dann am Foyer geland? Iwwert déi eenzel Statiounen a sengem Liewen kritt een ni de richtegen Iwwerbléck. Genee esou wéineg, wéi ee versteet, firwat de Kevin, en anere Jong, d'Kéier net kritt, obwuel seng Mamm a seng Geschwëster sech offensichtlech ëm hie beméien.

Eng Erklärung, firwat dem Christophe Wagner säi Film sou fragmentaresch bleiw, ass, datt hien d'Anonymitéit vun den nach mannerjährege Jonken huet misse garantéieren. De Steve, deen am Foyer seng 18 Joer gefeiert huet, huet dem Regisseur d'Erlaabnis ginn, fir à découvert gefilmt ze ginn. Hie kann de Foyer lo verlossen, all Inscriptiounen ginn aus sengem Casier gelöscht - hie kritt eng zweet Chance a schéngt se wëllen ze notzen. Zeréck bei d'Famill kann en

net, well déi gëtt et u sech net méi. Dofir wëllt hie mat der Frëndinn zesummeplënnere, an dann: de beschte Bäcker vun der Welt ginn. Et sollt net sinn - am Ofspann gëtt ee gewuer, datt e seng Léier ofgebrach huet an zeréck bei seng Mamm an d'Frankräich ass.

Och de Kevin fënnt um Enn net wierklech de Wee eraus aus der Kriminalitéit. Den Erzéier zitt eng éischer fatalisteschen Konklusioun: Si kënnen nëmme hoffen, de Jongen d'Fähegkeet mat op de Wee ze ginn, fir spéider den Alldag ze meeschteren. "All Dag opzestoen an op d'Aarbecht ze goen."

Am Film schéngt et e bëssen wéi wann et eng Fatalitéit wäer,

ob een et packt oder net. D'Fro, ob den Encadrement zu Lëtzebuerg wierklech adequat ass fir déi vill verschidde Fäll, gëtt zwar opgeworf, mee net beäntwert. Als Geigebeispill gëtt dat däitscht Internat Henneberg gewisen, wou och vill Lëtzeburger placéiert ginn. Do stinn d'Besoinen vum Eenzelnen méi am Vierdergrond, déi Jonk kënnen eng Léier maachen, si ginn net fir d'éischt einfach mol aus der Gesellschaft erausgeholl.

Als Aussestehenden ass een nodeems een "Doheem" gesinn huet, méi duerchernee wéi vir-drin. Dräibuer, Schrasseg, Foyer d'Accueil - wat ass wat, a wie gëtt woufir wouhinne

placéiert? Den Dokumentär ass éischer poetesch wéi polemesch. Wann en och déi wichtigst sachlech Froen net beäntwert, sou evitéiert en dach déi schlimmste Fehler, déi bei ähnlechen Themen dacks gemaach ginn: en ass zu kengem Moment voyeuristeschen oder parteieschen. A stellt sech domat e bëssen an d'Positioun vun den Erwuessenen, déi nokucke, sech wonneren a sech grad sou verluer fille wéi d'Kanner.

Claudine Munro



DANSE

Se donner les moyens

De la cour des Capucins,
le Danz Festival
a déménagé
au Grand Théâtre.
Le programme, mêlant
jeunes talents et artistes
confirmé-e-s, devrait
comme l'accoutumé
combler le public.

Nouveau nom, nouvelles localités: depuis peu, le Festival de la Cour des Capucins a été rebaptisé "Danz Festival". Trop à l'étroit au centre-ville, la manifestation a dû changer d'adresse. C'est donc au Grand Théâtre que neuf chorégraphes travaillant au Luxembourg présenteront, le 18, 20 et 25 juin, leurs pièces ou extraits de pièces en 3 volumes, un volume par soirée.

En concoctant sa programmation, le Danz Festival a réussi à associer des chorégraphes confirmés et connus de la scène internationale, des moins confirmés et de tous jeunes créateurs. Bernard Baumgarten, par ailleurs directeur artistique du festival, travaille depuis longtemps avec sa compagnie Unit Control sur la recherche d'un langage du mouvement et ces expérimentations ont nourri ses créations. Il présente dans "Détails" des extraits de ses chorégraphies, qui se lisent comme une sorte d'historique de sa création. Anne-Mareike Hess est quant à elle encore étudiante à la Hochschule für Musik und Darstellende Künste de Francfort, sa pièce "SSEH" est plus à envisager comme une curiosité. Mais attention, une artiste confirmée de demain sommeille peut-être en elle.


Egalement au programme, Sylvia Camarda et sa pièce "Absolutely Fabulous" qui tentera de réconcilier les amateurs de danse et ceux du foot. Elle travaille actuellement avec Jan Fabre à la reprise de "Je suis sang". "Drumming", l'intense et hypnotique œuvre pour percussions de Steve Reich, réunira les chorégraphes Annick Pütz et Gianfranco Celestino et l'ensemble United Instruments of Lucilin. Jean-Guillaume Weis présentera son "Principe d'Incertitude", Pour "Sibelius", Anu Sistonen s'est laissé inspirer par la musique du compositeur finlandais. Linda Gieres nous plongera dans un "White Moment" et Tania Soubry mettra en scène un show télévisé dans "Full House", pour ceux qui seraient en mal de petit écran.

Revenons un instant à la problématique de la confirmation d'un artiste. Pour qu'un-e artiste devienne confirmé-e, il faut d'abord que son travail soit diffusé. Et la diffusion semblerait être un des problèmes cruciaux dans le monde de la danse contemporaine. Le Danz Festival tente d'y remédier en proposant aux artistes et aux programmeurs invité-e-s de se retrouver autour d'un buffet les soirs de spectacle. L'association Thé-

âtre Danse et Mouvement (TDM) participe également à cette volonté de diffusion - en mettant des moniteurs-trices à la disposition des programmeurs-trices, qui souhaiteraient visionner le travail des chorégraphes.

Aujourd'hui, les associations TDM et Danz Festival Lëtzebuerg, principalement soutenues par le Gouvernement et la Ville de Luxembourg, oeuvrent pour multiplier les échanges au sein de la Grande Région et ce, afin que se constitue une plate-forme régionale pour la danse. Ainsi, en 2006, le Danz Festival projette d'inviter des chorégraphes issus-e-s de la Grande Région. Pour 2007, ils espèrent pouvoir s'inscrire dans la droite ligne de Luxembourg et Grande Région, Capitale européenne de la Culture 2007, en produisant de façon interrégionale. Un chorégraphe luxembourgeois ira par exemple créer pour une compagnie lorraine ou bien des danseurs du Grand-Duché iront travailler le temps d'une création pour une compagnie d'Arlon ou de Sarrebruck et vice-versa.

Mireille Roux



Un extrait de "Détails" de Bernard Baumgarten.
(Photo: David Laurent)